

Dossier 7

Weltkulturierwen a Musek

■ De Kommentar zum Dossier 7

■ Héierverstoën

- D'lechternacher Sprangpressessioun

■ Liesverstoën

- D'UNESCO
- Musek verbënnt

■ Mëndlechen Ausdrock

- Presentatioun vun engem Lëtzebuerger Lidd

■ Schrëftlechen Ausdrock

- Presentatioun vun engem UNESCO-Patrimoine

■ Literatur

- Lëtzebuerger Lidder

■ Sprooch

- Musek op Lëtzebuergeresch

Theema: Kultur

Ënnertheemen: Weltkulturierwen, Musek

Léierziler

- eng Presentatioun / e Reportage verfollegen an dobäi den Informatiounsgehalt an de Point de vue vum Auteur novollzéien
- en Text / eng Presentatioun iwwer Kultur oder Kulturpolitik verstoen
- den Inhalt an d'Relevanz vun engem Text/Artikel erfaassen a resuméieren
- e kulturellt Thema fir eng mëndlech oder schrëftlech Presentatioun am Detail beschreiwen
- e Virtrag mat Hëllef vu Stéchwierder halen, no dem Virtrag adequat op Froen oder Äusserunge reagéieren

Beschreibung vum Inhalt vum Dossier

Dësen Dossier behandelt zwee Theemen am Beräich vun der Kultur, an zwar engersäits d'Weltkulturierwen an anerersäits d'Musek.

Et sollt een am beschte mam Lauschertext iwwert d'Sprangpressessioun ufänken an dann op de Liestext iwwert d'Lëtzebuerger UNESCO-Kommissioun iwwergoen. An enger schrëftlecher Produktioun hunn d'Apprenanten d'Méiglechkeet, eng Presentatioun iwwert en UNESCO-Patrimoine ze schreiwen.

Am Volet *Literatur* gëtt sech mat den Texter vu verschiddenen traditionelle lëtzebuergesche Lidder auserneegesat. Am Volet *Sprooch* erkläre verschidden aktuell Museker a Musekerinnen, firwat si hir Liddertexter (och) op Lëtzebuergesch schreiwen. Fir déi mëndlech Produktioun gëtt proposéiert, e lëtzebuergesch Lid mat sengem historieschen a gesellschaftleche Kontext ze presentéieren. E Mustertext weist, wéi déi Presentatioun kann ausgesinn. Zum Thema Musek gëtt et ausserdeem och nach e Liestext iwwert Inklusioun duerch Musek.

Zousätzlech Iddien

Zum UNESCO-Patrimoine vun der Stad Lëtzebuerg fënnt een um Internetsite izi.travel Informatiounen iwwert UNESCO-Tier mat kuerzen, explikativen Audiodateien oder Liestexter op Lëtzebuergesch. Zum Beispill:

<https://izi.travel/de/fc76-unesco-en-tour-fir-jiddwereen/lb>

https://izi.travel/de/1c8e-unesco-spazeierwee/lb#tour_details_first

<https://izi.travel/de/dfea-unesco-velos-tour/lb#610e9420-000b-4d4d-810d-4bda6af2e4a4>

Am UNESCO – Visitor Center (<https://citymuseum.lu/le-musee/unesco/>).

Op <https://patrimoinemondial.lu/> fënnt ee vill weider Informatiounen, leider awer (nach) net op Lëtzebuergesch.

E flotten Artikel iwwert den UNESCO-Patrimoine an der Stad fënnt een am Magasinn *Luci* – Editioun 2/2020, S. 6 – 17: *Eng Stad, déi verbënnt. Mat Architekten duerch d'UNESCO-Ierwen*. De Magasinn gëtt et digital hei:

https://issuu.com/visitluxembourg/docs/0_luci_2_lux_issuu

Zu der Sprangpressessioun gëtt et de Film *Magno Tripudio* vum Georges Fautsch, dee fir d'Kandidatur fir d'Sprangpressessioun als immateriellt Kulturierwe produzéiert ginn ass. Méi Informatiounen fënnt een hei:

[https://www.filmfund.lu/film-catalogue/films/magno-tripudio-sur-les-pas-de-la-procession-dans-ante-d-echternach/\(from\)/letter](https://www.filmfund.lu/film-catalogue/films/magno-tripudio-sur-les-pas-de-la-procession-dans-ante-d-echternach/(from)/letter)

Wat d'Musek ubelaangt, kann ee soen, datt et ëmmer méi Liddertexter op Lëtzebuergesch gëtt. Si sinn eng wäertvoll Quell fir authentesch Material an oft net just sproochlech, mee och gesellschaftlech interessant.

Hei sinn och nach zwee Linken zum Lidd vum Théiwesbuer, dat et a verschiddene Versionen gëtt:

https://www.youtube.com/watch?v=C3u0bXa_B2s

https://www.youtube.com/watch?v=1viWBSLOomo&list=RDC3u0bXa_B2s&index=3

An der Ausgab 121 vun *Ons Stad* fënnt ee ganz interessant Informatiounen a Fotoen zum Théiwesbuer a generell zum Thema Waasser an der Stad:

https://onsstad.vdl.lu/fileadmin/ausgaben/121/Ons-Stad_121_2020_1-68.pdf

Iwwert d'Wierkung vun der Musek gëtt et e Sachtext op science.lu:

<https://science.lu/de/musek-psyche/firwat-wierkt-musek-sou-staark-op-eis-stimmung>

An op RTL fënnt een e Reportage iwwert d'Therapie mat Musek:

<https://www.rtl.lu/lifestyle/news/a/1431971.html>

Zu all dësen authentesch Reportagen an Texter kann een Aufgaben ausschaffen. Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument Aufgabestellung fir Héier- a Liesverstoën.

Fir kleng schrëftlech Produktiounen ze sammeln, eegent sech e Padlet generell gutt, well jiddereen aus der Klass all d'Produktiounen gesinn an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserung vun der Léierpersoun esou ukucken.

Grammatisch Punkten

Am Kader vun dësem Dossier kéint een nach eng Kéier op de Sazbau vu méi komplexe Sätz agoen an de Wuertschatz vun de Connecteuren (een- an zweedeeleger) erweideren.

Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2

Dossiere 7 - 9

INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023



All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) däerfe fir Unterrechtzwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se däerfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, däerfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)

Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)

Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig

Korrektorat: Myriam Welschbillig

Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité

Tountechnik: IP Luxembourg

Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)

Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grouse Merci un all déi Persounen, déi matgeholfen hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-08-9



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Iechternacher Sprangpressessioun



Creative Commons Wikipedia / David Edgar
Quell: <https://creativecommons.org/licenses/by-sa/3.0/>



Public Domain / J.M. Bellwald ëm 1900



Sprangpressessioun_Copyright Mike McQuaide (Fotograf)

1. Kuckt d'Biller. Wat gesitt Dir op de Biller? Deelt Är Informatiounen an der Klass.

2. Tauscht ënnerteneen Är Andréck a Kennnesser iwwert d'Sprangpressessioun an aner Pressessiounen aus. Sicht nach weider Informatiounen am Internet a schreift se an de Padlet, deem d'Léierpersoun fir Iech preparéiert huet.



Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op www.padlet.com a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



3. Liest den Text iwwert d'Iechternacher Sprangpressessioun. Ënnersträicht déi Informatiounen, déi nei fir Iech sinn an tauscht Iech an der Klass doriwwer aus.

D'Iechternacher Sprangpressessioun gëtt all Joer op Päischtdënschdeg zu Iechternach ofgehalen. Op eng bestëmmt Melodie sprangen d'Participanten a Reien duerch d'Stroosse vun der Abteistad an dann an d'Basilika, bei d'Graf vum hellege Willibrord. Den hellege Willibrord ass am Joer 739 gestuerwen. Hien ass de Grënner vum Iechternacher Klouschter an 2015 gouf hie vum Äerzbëschof vu Lëtzebuerg zum Patréiner vun de Massendénger ernannt.

D'Sprangpressessioun geet op d'mannst bis an d'16. Joerhonnert zeréck an huet e reliésen Hannergrond, mee si kéint hiren Ursprung awer och an heednesche Bräich hunn. Zanter November 2010 gehéiert dës Traditioun zum immaterielle Weltkulturierwe vun der UNESCO.

Déi traditionell Tenue vun den Iechternacher Sprénger ass eng blo oder schwaarz Box oder Jupe an e wäisst Hiem oder eng wäiss Blus. D'Leit hale sech mat engem wäissen Nuesschnapch uneneen un.

4. *Kuckt de Video an notéiert zwou bis dräi Informatiounen, déi Dir wichteg fannt.*



Quell: RTL, Iechternacher
Sprangpressessioun, 25.05.2021

5. *Kuckt de Video nach eng Kéier. Notéiert, wat fir Persounen interviewt ginn a wat hir Haaptaussoe sinn.*



Quell: RTL, Iechternacher
Sprangpressessioun, 25.05.2021

Am éischten Temoignage héiere mir ... Hie seet, datt ...
Och den ... kënnst zu Wuert. Hie schwätzt doriwwer, datt ...
Zum Schluss gesi mir nach ... Si erklären ...

6. *Preparéiert a kleng Gruppen e Resumé vum Reportage. Benutzt dofir Är Notizen an dës Sätz a Sazufäng a kuckt, wann néideg, de Reportage nach eng Kéier.*



Quell: RTL, Iechternacher
Sprangpressessioun, 25.05.2021

An dësem Reportage geet et ëm ...
Fir d'éischt gesi mir ...
Am éischten Temoignage héiere mir ...
Hie seet, datt ...
Duerno gëtt ... gewisen.
Mir gi gewuer ...
Och den ... kënnst zu Wuert. Hie schwätzt doriwwer, datt ...
Et gëtt och gesot, datt ...
Zum Schluss gesi mir nach ...
Si erklären ...
De Reportage schléisst of mat ...

7. *Interviewt e puer Persounen aus Ärem Bekanntekrees zum Thema Sprangpressessioun. Notéiert hir Aussoen, fir spéider an der Klass doriwwer ze erzielen.*

Eng kleng Hëllef, fir den Interview ze féieren:
Ech géif gär e bësse mat Iech iwwert d'Sprangpressessioun schwätzen.
Wat wësst Dir doriwwer?
Waart Dir schonn eng Kéier dobäi?
Wa jo: Sidd Dir matgesprongen oder hutt Dir just nogekuckt? Wéini a mat wem? Wat waren Är Impressiounen?
Wann nee: Firwat net? Géing et Iech interesséieren, eng Kéier kucken ze goen oder matzesprangen?

8. *Presentéiert d'Aussoe vun Ären Interviewpartner.
Orientéiert Iech un dëser Struktur:*

Ech hu mat ... Persoune geschwat.

... Persoune si schonn eng Kéier bei der Sprangpressessioun matgesprongen.

... Persoune ware schonn eng Kéier d'Sprangpressessioun kucken.

Deen een huet erzielt, datt ...

Deen aneren ...

... Persoune woussten net vill doriwwer, mee ...

9. *Lauschtert d'Ausso vun enger Persoun, déi zu Iechternach opgewuess
ass an déi iwwert hir Erfarunge mat der Sprangpressessioun schwätzt.
Kräizt un, iwwert wéi eng vun dësen Aspekter si schwätzt.*



- Den Ursprung vun der Sprangpressessioun
- D'Preparatioun fir matgesprongen
- D'Wichtigkeet vun der Pressessioun fir si perséinlech
- D'Wichtigkeet vun der Pressessioun fir d'Iechternacher
- D'Kleedung an d'Accessoiren
- De reliéisen Hannergrond vun der Sprangpressessioun
- D'Weiderféiere vun der Traditioun

10. *Lauschtert den Temoignage nach eng Kéier an notéiert déi
wichtigst Informatiounen zu deene verschiddenen Aspekter.*



*11. Deelt mat Ärem Noper / Ärer Nopesch Är Impressiounen
iwwert der Persoun hir Aussoen.*

D'Mme W. seet am Ufank, datt ... Ech hunn dat
besonnesch interessant fonnt, well ...

Jo, dat stëmmt, mee wat mech
verwonnert huet, war, datt ...

Ech hätt net geduecht, datt ...

Jo, dat hunn ech och ganz interessant
fonnt, allerdéngs muss ech soen, datt ...

Wat häls du da vun hirer Ausso, datt ...

Ech fannen dat ...



Reportage iwwert d'Sprangpressessioun

Wallfaart (f)	
Brauch (m)	
verfeinere	
heednesch	
Weltkulturierwen (n)	
Glawen (m)	
ausfalen	
mëssen	
Gottesdéngrsch (m)	
Grënner (m)	
Klouschter (n)	
Schutzpatroun (m) / Patréiner (m)	
Massendénger (m)	

Reportage iwwert d'Sprangpressessioun

Mir ginn iwwer 60 Joer zeréck an der Zäit a schreiwen de 7. Juni 1960, Päischtdéischdeg zu Iechternach. Zegdausende Leit sprangen duerch d'Stroosse vun der Abteistad, e Brauch, dee wéinstens op d'16. Joerhonnert zeréckgeet. Am Ufank war et en Deel vun enger grousser Wallfahrt. An all deene Joren huet sech un dësem Brauch net vill geännert.

„D'Musek ass säit ganz laanger Zäit – ech mengen, no der Revolutioun huet dat sech e bëssen agependelt – eng Melodie, déi ëm d'Joerhonnertwenn nach eng Kéier verfeinert ginn ass vum Max Menager, deen hei Organist war an der Basilika. Also am Fong huet sech d'Musek gehal, d'Form huet sech gehal, et ass e bëssen anescht gereegelt ginn, wéi d'Gruppe sech opstellen, oder wéi zum Beispill gespronge gëtt.“

D'Sprangpressessioun kéint hiren Ursprung aus den heednesche Bräich hunn. Zanter November 2010 gehéiert dës Traditioun dann och zum Weltkulturierwe vun der UNESCO.

„D'Sprangpressessioun ass einfach e freedegen Ausdrock vum Glawen. Déi meescht Leit menge jo, de Glawe wier eppes Traures, a wann een dann hei ass, da gesäit een, dass dat glat net de Fall ass, am Contraire, dass dat mat ganz vill Freed an Zesummeseri verbonnen ass.“

Fir d'Iechternacher, awer net nëmme fir si, ass d'Sprangpressessioun e wichtege Moment am Joer. Dohier ass et ëmsou méi schued, dass dës al Lëtzebuurger Traditioun fir d'zweete Kéier hannerteneen ausfällt.

„Mir sprange säit Joren ëmmer mat. Et ass emouvant fir eis. Ech hu lo no bei 80 Joer an ech wéilt dat hei net mëssen.“

„Ech si vu Klengem un hei matgesprongen, also egal wat war, d'Sprangpressessioun war méi wichteg wéi iergendeppes anesches, an ech mengen, et geet deene meeschten Iechternacher esou.“

„Allkéiers, all moies, wann déi éischt Kéier déi éischt Musek laanschtkomm ass an déi d'Sprangpressessioun gespillt huet, da stoung een op der Dier ze kräischen. Et ass einfach fir en Iechternacher emouvant an enorm wichteg.“

150 Leit waren an der Mass de Moien um 9 Auer derbäi, e Gottesdéngscht ganz am Zeeche vum Willibrord.

De 7. November 739 ass den hellege Willibrord an der Abteistad gestuerwen. De Missionar ass de Grënner vum Iechternacher Klouschter an zanter 7 Joer och de Schutzpatroun vun de Massendénger.

No der Mass gouf spontan virun der Basilika op d'Melodie vun der Sprangpressessioun gesprongen, mat der Hoffnung, dass se d'nächst Joer nees ënner normale Konditiounen organiséiert ka ginn.

Quell: <https://play.rtl.lu/shows/lb/journal/episodes/r/3246537>

Temoignage iwwert d'Sprangpressessioun

Mäin Numm ass Melanie Wagner an ech si 44 Joer al. Ech si gebierteg vun Iechternach an ech sinn och do an d'Spillschoul, d'Primärschoul an an de Lycée gaangen.

Vu Klengem u sinn ech bei der Sprangpressessioun Päischtdënschdeg matgesprongen. Wéi ech an der Spillschoul an an der Primärschoul war, hu mer ëmmer déi Woch virun der Sprangpressessioun an all Paus um Schoulhaff geübt. Et ass en Här komm, deen eng Museksanlag a sengem Auto stoen hat, an deen huet eis dann do dat Lidd vun der Sprangpressessioun gespilt a mir sinn an de Reien duerch den Haff gesprongen. Jiddwereen huet sech un der Hand gehalten a mir hunn eis fir d'Sprangpressessioun vu Päischtdënschdeg preparéiert. Mir sinn als Kanner ëmmer mat de Schouklasse a mat eisen Enseignantë gesprongen, mat der Iechternacher Schoul fir d'éischt a méi spéit mam Iechternacher Lycée zesummen. Et war ëmmer eng flott Traditioun a mir hunn dat am Fong ni wierklech a Fro gestallt, well mer als Iechternacher Kanner dat am Fong mat op de Wee kritt hunn.

Mee och haut ginn ech, wann ech kann, nach ganz gär op Iechternach, fir Päischtdënschdeg zu Iechternach un der Sprangpressessioun deelzehuelen an dann och de Päischtdënschdeg do zesumme mat menger Famill ze feieren. Et war ëmmer Traditioun, dass mer Päischtdënschdeg, och wa mer mol net mat sprange gaange sinn, mee eis nëmme mat de Frënn an Iechternach getraff hunn, eng blo Box oder eng blo Jupe an eng wäiss Blus oder e wäissen T-Shirt unhaten an och ëmmer e wäisst stofftent Nuesschnappech derbäihaten, fir awer kënnen un der Pressessioun deelzehuelen.

Hautdesdaags ass d'Sprangpressessioun fir d'Iechternacher ëmmer nach eppes ganz Wichtige an et ass eppes, wat wierklech derbäigehéiert. Op all Fest zu Iechternach, sief dat e Konveniat, sief dat eng Journée des Anciens vum Lycée oder awer och zum Beispill den E-Lake, gëtt iergendwann, am Laf vum Owend, meeschtens géint der Schluss, d'Sprangpressessioun gespilt, a mir stellen eis op a mir sprangen.

Déi lescht Joren (2020-21) ass d'Sprangpressessioun wéinst dem Covid leider ausgefall, awer dëst Joer si mir dofir ëmsou méi frou, datt d'Sprangpressessioun erëm wäert stattfannen. Déi lescht Kéier, wéi ech gespronge sinn, sinn ech mat mengem eelste Jong gesprongen, dee sech mat sengem Scoutsgrupp zu Iechternach getraff huet an dee mat de Scouten zesumme gesprongen ass. Et huet mech immens gefreet, déi Traditioun u mäi Fils weiderzeginn an zesumme mat him do duerch Iechternach ze sprangen an him ze weisen, wat en Deel vu menge Kandheetserënnerungen ass a wat och en Deel vun enger Iechternacher Traditioun ass.

5. *Kuckt de Video nach eng Kéier. Notéiert, wat fir Persounen interviewt ginn a wat hir Haaptaussoe sinn.*



Quell: RTL, Iechternacher Sprangpressessioun, 25.05.2021

- Am éischten Temoignage héiere mir e Paschtouer. Hie seet, datt sech zënter laanger Zäit net vill um Brauch geännert huet.
- Och den Äerzbëschof vu Lëtzebuerg kënnst zu Wuert. Hie schwätzt doriwwer, datt de Glawen eppes Freedeges ass.
- Zum Schluss gesi mir nach dräi eeler Leit vun Iechernach. Si erklären, datt d'Sprangpressessioun fir si immens emouvant a wichteg ass.

6. *Preparéiert a kleng Gruppen e Resumé vum Reportage. Benutzt dofir Är Notizen an dës Sätz a Sazufäng a kuckt, wann néideg, de Reportage nach eng Kéier.*



Quell: RTL, Iechternacher Sprangpressessioun, 25.05.2021

An dësem Reportage geet et ëm d'Iechternacher Sprangpressessioun.

Fir d'éischt gesi mir historesch Biller vun der Sprangpressessioun vu viru 60 Joer.

Am éischten Temoignage héiere mir e Paschtouer, dee vill iwwer d'Sprangpressessioun weess.

Hie seet, dass sech zënter laanger Zäit net vill um Brauch geännert huet.

Duerno gëtt nach eng méi rezent Opnam vun der Pressessioun gewisen.

Mir gi gewuer, datt d'Sprangpressessioun zënter 2010 zum Weltkulturerwe vun der UNESCO gehéiert.

Och den Äerzbëschof vu Lëtzebuerg kënnst zu Wuert. Hie schwätzt doriwwer, datt de Glawen eppes Freedeges ass. Dat géif een zu Iechternach gesinn.

Et gëtt och gesot, datt d'Sprangpressessioun e wichtige Moment am Joer ass, an datt et dofir schued ass, datt se wéinst der Pandemie fir d'zweet Kéier hannerteneen ofgesot gouf.

Zum Schluss gesi mir nach dräi eeler Leit vun Iechternach, déi iwwer hir Erënnerungen un d'Sprangpressessioun schwätzen.

Si erklären, datt d'Sprangpressessioun fir si immens emouvant a wichteg ass.

De Reportage schléisst of mat Biller vun der Mass a vun de Leit, déi spontan virun der Kierch op déi traditionell Musek sprangen.

D'UNESCO

1. Liest den Ufank vum Artikel iwwert d'UNESCO. Markéiert déi wichtegst Informatiounen.



D'UNESCO – eng Organisatioun fir de Fridden

Während dem 2. Weltkrich (1939-1945) sinn 80 Milliounen **Mënschen** duerch Krich, aner Gewalt a Rassismus ëm d'Liewe komm. Vill **Stied** an Europa waren duerch Bomme bis zu 85 % zerstéiert a **Milliounen** Leit hate keen Daach méi iwwer dem Kapp. Vill Famillje waren auserneegerappt, **Stroossen** an Zuchlinne waren zerstéiert an Honnerttausenden op der Flucht. Scho während dem Krich hunn sech Leit zu London Gedanke gemach, wéi ee kéint

verhënneren, datt nees eng Kéier esou eppes Schrecklechtes géif passéieren. **Opgrond** vun hiren Iwwerleeunge gouf dunn de 16. November 1945 d'UNESCO gegrënnt. Dat ass eng **Organisatioun** (UNESCO), déi zu de Vereenten Natiounen (**UNESCO**) gehéiert. Si schafft fir **Fridden** an Toleranz ënner de Mënschen duerch Educatioun (UNESCO), **Wëssenschaften** (Sciences, UNESCO) a Kultur (Culture, UNESCO). Hiren Haaptsëtz ass zu **Paräis**. Vun deenen 195 Natiounen, déi et am Moment op der Welt ginn, sinn der 193 Member vun der UNESCO.

An all Land, dat **Member** vun der UNESCO ass, gëtt et eng Nationalkommissioun. Och zu **Lëtzebuerg** vertritt d'UNESCO-Kommissioun d'Iddien, d'Visiounen an d'Programmer vun der UNESCO hei am Land. Mee wat sinn dat fir **Visiounen**? D'UNESCO setzt sech fir Mënscherechter, Inklusioun, eng propper **Ëmwelt**, eng gutt Ausbildung fir all Mënsch op der Welt, Zougang zu propperem **Drénkwaasser** an d'Gläichheet tëschent Mann a Fra an. Och mécht si sech staark fir de Schutz vu kulturelle Gidder a schéine **Landschaften**, déi duerch Krich, Naturkatastrophen, Profitgier oder einfach Onwëssen a Gefor sinn.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Simone Beck, Presidentin vun der Lëtzebuenger UNESCO-Kommissioun
Quell: Konterbont 03/21.

2. Notéiert eng Äntwert op déi dräi Froen a vergläicht Är Äntwerten a kleng Gruppen.

1. Wéini a firwat gouf d'UNESCO gegrënnt?
2. Wat heescht d'Ofkierzung „UNESCO“?
3. Wat sinn d'Haaptziler vun der UNESCO?

3. Den Artikel huet dräi grouss Deeler:

1. E Kultur- an Naturierwe fir d'ganz Mënschheet
2. Eng immateriell, awer lieweg Ierfschaft an D'Gediechtnis vun der Mënschheet
3. Modellzone fir nohalteg Entwécklung

Hei sinn d'Uweisungen, fir mam Artikel ze schaffen:

- 1) Deelt d'Klass an dräi Gruppen. All Grupp liest ee vun den dräi Deeler vum Artikel.
- 2) Schafft zesummen an deenen eenzele Gruppen, fir de Vocabulaire ze klären, déi wichtegst Informatiounen erauszeschelen an e schrëftleche Resumé vun engem Deel vum Artikel ze preparéieren.
- 3) Bilt nei Gruppen, esou datt an all Grupp een „Expert“ pro Deel vum Artikel ass a presentéiert déi dräi Resuméen.
- 4) Zum Schluss kënn Dir nach weider Informatiounen zu deene verschiddenen Theemen aus dem Artikel sammeln. Benutzt dofir d'Linken, déi am Artikel proposéiert ginn.



SA Presentatioun UNESCO-Patrimoine

Grupp A



E Kultur- an Naturierwe fir d'ganz Mënschheet

Hire **bekanntste** Programm ass dee vum Weltierwen (*Patrimoine mondial*). Dëse Programm betrëfft **kulturell** oder natierlech Plazen, déi vun esou engem groussen an

aussergewéinleche Wäert sinn, datt se der ganzer **Mënschheet** gehéieren. Esou war et fir d'Stad Lëtzebuerg eng grouss Éier, wéi 1994 d'Lëtzebuurger **Alstad** an hir Festungswierker zum *Patrimoine mondial de l'Humanité* erkläert goufen. Dës Éier bedeit awer och **Verpflichtungen**: Mir müssen all zesummen derfir suergen, datt dës Site fir déi zukünfteg **Generatiounen** erhalen a geschützt bleift. Dat ass d'**Missioun** vum *Unesco Site Manager*, dee fir d'UNESCO-Kommissioun all Aarbechten an **Erënnerungen** um UNESCO-Site observéiert a kontrolléiert. D'UNESCO-Kommissioun huet och dräi Weeër duerch hire Site entwéckelt: e Spadséierwee (vun **ongeféier** enger gudder Stonn) an e Vëloswee (vun ongeféier 10 **Kilometer**). Des Weeër kann een als PDF oder als Audioguide an der App *izi.travel* **eroflueden**. Och gouf e Wee geschaf fir Leit, déi sech net esou gutt beweegen kënnen oder déi net esou gutt gesinn.

Dës Guide – a „leichter Sprache“ – läit a sechs Sproochen vir (**UNESCO für Alle**). Wien sech méi iwwer den UNESCO-Site wëll informéieren, kann dat am *UNESCO Visitor Center* am *Lëtzebuerg City Museum* maachen.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Simone Beck,
Presidentin vun der
Lëtzebuurger UNESCO-
Kommissioun
Quell: Konterbont 03/21.

Vocabulaire:

aussergewéinlech
gehéieren
Éier (f)
Verpflichtung (f)
erhalen
schützen
Erënnerung (f)
schafen

Resumé vum 1. Deel vum Artikel: E Kultur- an Naturierwe fir d'ganz Mënschheet

An dësem Deel vum Artikel geet et ëm ...

D'Bedeutung vun ... ass ...

Zu Lëtzebuerg ass dat zum Beispill ...

Wann eppes zum Weltierwe gehéiert, ...

Den UNESCO Site Manager ...

D'UNESCO-Kommissioun ...

Méi Informatiounen dozou fënnt een op ... oder am ...

Grupp B



Eng immateriell, awer lieweg Ierfschaft

Awer de Mënsch huet och aner Ierfschaften, déi hien iwver Generatioune weidergëtt. Dozou gehéiere Gebräicher, Rezepten, Dänzen, Ritualer oder Kenntniser iwver d'Natur. Dat ass dat immateriell Kulturierwen, dat een och *Patrimoine vivant* nennt. Wann ee wëllt eng Kandidatur bei der UNESCO maachen, fir op de Regëster vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opgeholl ze ginn, muss ee fir d'éischt op engem nationale Regëster stoen. Dofir muss ee fir d'éischt eng Demande bei der Lëtzebuenger UNESCO-Kommissioun maachen. Haut stinn op den nationale Regëster ënnerschiddlech Gebräicher a Kenntniser wéi zum Beispill

Vocabulaire:

Ierfschaft (f)
Gebrauch (m) /
Brauch (m)
Regëster (m)
Hiewan (f)
Juegdhar (n)
spannend
Handschrëft (f)
beandroekend

d'Sprangpressessioun, d'Schueberfouer mam Hämmlsmarsch, d'Konscht vun den Hiewanen, d'Konscht vum Juegdhar, d'Lëtzebuenger Haus- a Flouernimm oder de Brauch ronderëm de Kleeschen. 2010 gouf d'Iechternacher Sprangpressessioun op de Regëster vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opgeholl an 2020 d'Haupesch-Bléiser mat hirer Konscht vum Juegdhar (weider Informatiounen).



D'Gediechnis vun der Mënschheet

E weidere spannende Programm vun der UNESCO, op deem Lëtzebuergochvertrueden ass, ass dee vum Weltdokumentierwen, *The Memory of the World*, en digitale Katalog vu wichtege Handschrëften, Partituren, Filmer, Zeechnungen, Archiven oder Fotoen. 2003 gouf an dee Programm déi beandroekend Fotoausstellung *The Family of Man* opgeholl, déi am Clierfer Schloss ze gesinn ass.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Simone Beck, Presidentin vun der Lëtzebuenger UNESCO-Kommissioun
Quell: Konterbont 03/21.

Resumé vum zweeten Deel vum Artikel: Eng immateriell, awer lieweg Ierfschaft an D'Gediechnis vun der Mënschheet

An dësem Deel vum Artikel geet et fir d'éischt ëm ...

Dat sinn zum Beispill ...

Éier een eng Kandidatur bei der UNESCO areeche kann, muss een ...

Am nationale Regëster vu Lëtzebuerg stinn zum Beispill ...

Wat zum Beispill schonn an de Regëster vun der UNESCO opgeholl gouf, ...

Et gëtt och nach vun engem anere Programm geschwat, nämlech ...

Dat ass ...

Fir Lëtzebuerg zielt zum Beispill ... dozou.

Grupp C



Modellzone fir nohalteg Entwécklung

E grouse Succès ass der UNESCO-Kommissioun gelongen, wéi se no **laanger** Virbereedung an intensiver Mataarbecht vu ville begeschterte Leit d’Kandidatur vun 11 **Gemengen** aus dem Süde konnt fir de Programm *Man and the Biosphere* **areechen**. Dëse Programm ënnersicht, wéi ee kann de Respekt vun der **Natur** mat enger verantwortungsbewosster wirtschaftlecher Entwécklung verbannen. Am **Oktober** 2020 goufen déi 11 Südgemengen als *Minett UNESCO Biosphere* an e **weltwäite** Reseau vu **714 Biosphären** opgeholl. Genee sou e **positiivt Resultat** erhofft d’Kommissioun sech vun der Kandidatur vum Natur- & Geopark Mëllerdall, dee gären en *UNESCO Global Geopark* géif ginn. E Geopark ass e **Gebitt** vun internationalem **geologeschen** Interêt, dat sech a Richtung Nohaltegkeet entwéckelt (Naturpark Mëllerdal).

Zu Lëtzebuerg gëtt et och en **Netzwerk** vu bis elo 13 UNESCO-Schoulen, vum *Enseignement fondamental* bis hin zur *Erwuessenebildung*. Dës Schoulen engagéieren sech an hirem **Alldag**, awer och mat prezise Projeten, fir d’Wärter an d’Visiounen vun der UNESCO. Besonnesche **Wäert** gëtt op **Toleranz**, Solidaritéit a Respekt vun der Ëmwelt geluecht (méi Informatiounen). Och op der **Universitét** vu Lëtzebuerg ass d’UNESCO mat engem Léierstull fir Mënscherechter vertrueden.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Simone Beck, Presidentin vun der
Lëtzebuenger UNESCO-Kommissioun
Quell: Konterbont 03/21.

Vocabulaire:

geléngen
Virbereedung (f)
begeschtert
verantwortungsbewosst
Gebitt (n)
Netzwerk (n)
op eppes Wäert leeën

Resumé vum drëtten Deel vum Artikel: Modellzone fir nohalteg Entwécklung

An dësem Deel vum Artikel geet et ëm ...
Lëtzebuerg huet bis elo zwou Kandidaturen agereecht, nämlech ...
Den éischte Programm dréit sech ëm ...
Am zweete Projet geet et ëm ...
Ausserdeem gëtt et zu Lëtzebuerg ...
Dat sinn ...
Besonnesch wichteg ...

zerstéieren	
sech Gedanke maachen	
verhënneren	
opgrond vun	
grënnen	
sech staark maache fir	
aussergewéinlech	
gehéieren	
Éier (f)	
Verpflichtung (f)	
erhalen	
schützen	
Erënnerung (f)	
schafen	
Ierfschaft (f)	
Gebrauch (m) / Brauch (m)	
Regëster (m)	
Hiewan (f)	
Juegdhar (n)	
spannend	
Handschrëft (f)	
beandroekend	
geléngen	
Virbereedung (f)	
begeeschtert	
areechen	
verantwortungsbewosst	
Gebitt (n)	
Netzwierk (n)	
op eppes Wäert leeën	

2. Notéiert eng Äntwert op déi dräi Froen a vergläicht Är Äntwerten a kleng Gruppen.

1. Wéini a firwat gouf d'UNESCO gegrënnt?

D'UNESCO gouf de 16. November 1945 gegrënnt, fir duerch Educatioun, Wëssenschaft a Kultur méi Fridden an Toleranz op der ganzer Welt ze schafen.

2. Wat heescht d'Ofkierzung „UNESCO“?

D'Ofkierzung UNESCO steet fir Organisatioun vun de Vereenten Natioune fir Educatioun, Wëssenschaft a Kultur.

3. Wat sinn d'Haaptziler vun der UNESCO?

D'Haaptziler vun der UNESCO sinn:

- Fridden an Toleranz duerch Educatioun, Wëssenschaft a Kultur ze schafen
- sech fir Mënscherechter, Inklusioun, eng propper Ëmwelt, eng gutt Ausbildung fir jiddereen, Zougang zu propperem Drénkwaasser an d'Gläichheet tëschent Mann a Fra anzesetzen
- kulturell Gidder a schéi Landschaften, déi duerch iergendeen Ëmstand a Gefor sinn, ze schützen

3. 2) Schafft zesummen an deenen eenzele Gruppen, fir de Vocabulaire ze klären, déi wichtegst Informatiounen erauszeschielen an e schrëftleche Resumé vun engem Deel vum Artikel ze preparéieren.

Resumé vum éischten Deel vum Artikel: E Kultur- an Naturierwe fir d'ganz Mënschheet

An dësem Deel vum Artikel geet et ëm dee bekanntste Programm vun der UNESCO, nämlech d'Weltierwen.

D'Bedeutung vu Weltierwen ass, datt eppes esou wäertvoll ass, datt et der ganzer Mënschheet gehéiert.

Zu Lëtzebuerg ass dat zum Beispill d'Alstad mat hirer Festungsanlag.

Wann eppes zum Weltierwe gehéiert, muss et geschützt ginn an esou fir spéider Generatiounen erhale bleiwen.

Den UNESCO Site Manager kontrolléiert dat.

D'UNESCO-Kommissioun proposéiert och dräi verschidde Weeër (fir ze Fouss oder mam Vélo), fir de Site entdecken ze kënnen.

Méi Informatiounen dozou fënnt een op izi.travel oder am UNESCO Visitor Center am Lëtzebuerg City Museum.

Resumé vum zweeten Deel vum Artikel: Eng immateriell, awer lieweg Ierfschaft an D'Gediechtnis vun der Mënschheet

An dësem Deel vum Artikel geet et fir d'éischt ëm dat immateriellt Kulturierwen.

Dat sinn zum Beispill Bräich, Rezepten, Dänz, Ritualer oder Kenntniser iwwert d'Natur.

Éier een eng Kandidatur bei der UNESCO arreeche kann, muss een eng Demande bei der Lëtzebuurger UNESCO-Kommissioun maachen, fir an den nationale Regëster stoen ze kommen.

Am nationale Regëster vu Lëtzebuerg stinn zum Beispill d'Sprangpressessioun, d'Schueberfouer mam Hämmlsmarsch, d'Konscht vun den Hiwanen, d'Konscht vum Juegdhar, d'Lëtzebuurger Haus- a Flouernimm oder de Brauch ronderëm de Kleeschen.

Wat zum Beispill schonn an de Regëster vun der UNESCO opgeholl gouf, sinn d'Sprangpressessioun an d'Haupesch-Bléiser mat hirer Konscht vum Juegdhar.

Et gëtt och nach vun engem anere Programm geschwat, nämlech vum Weltdokumentierwen.

Dat ass en digitale Katalog vu wichtegen Handschrëften, Partituren, Filmer, Zeechnungen, Archiven oder Fotoen.

Fir Lëtzebuerg zielt zum Beispill d'Fotoausstellung *The Family of Man* dozou.

Resumé vum drëtten Deel vum Artikel: Modellzone fir nohalteg Entwécklung

An dësem Deel vum Artikel geet et ëm Modellzone fir nohalteg Entwécklung.

Lëtzebuerg huet bis elo zwou Kandidature gemaach, nämlech eng fir de Programm *Man and the Biosphere* am Minett an eng fir den Natur- & Geopark am Mëllerdall.

Den éischte Programm dréit sech ëm déi verantwortungsbewusst wirtschaftlech Entwécklung am Respekt mat der Natur.

Am zweete Projet geet et ëm e Gebitt vun internationalem geologeschem Interessi.


Ausserdeem gëtt et zu Lëtzebuerg en Netzwierk vu bis elo 13 UNESCO-Schoulen.

Dat si Schoulen, déi sech fir d'Wärter an d'Visiounen vun der UNESCO engagieren.

Besonnesch wichteg sinn Toleranz, Solidaritéit an de Respekt vun der Ëmwelt.

Musek verbënnt

1. Hei drënner ass en Artikel mam Titel Musek verbënnt. Liest den Artikel nach net an iwweleech Iech just opgrond vum Titel, wat fir Theemen am Artikel ugeschwat kéinte ginn. Schwätzt a kleng Gruppen an notéiert Är Hypotheesen a Stéchwierder ronderëm den Titel.



2. Liest d'Aleedung vum Artikel a kuckt zesummen, wéi eng vun Ären Hypothese sech confirméieren.

D'Fondatioun EME gouf 2009 op Initiativ vun der Philharmonie gegrënnt, mat der Missioun, Musek bei déi Mënschen ze bréngen, déi generell vum Kulturliewen ausgeschloss sinn. An enger Gesellschaft op der Sich no Inklusioun an Dignitéit versicht d'Fondatioun EME, e bessert Liewen duerch Musek ze erméiglechen. Zesumme mat villen talentéierte Museker esouwéi de Partner an Donateurs organiséiert d'EME eng ronn 500 Evenementer d'Joer, dést an 180 verschiddenen Institutiounen duerch d'ganz Land, fir Mënsche mat enger Behënnerung, eeler oder krank Mënschen, Flüchtlingen, Jugendlecher aus sozial schwache Milieuen, isoléiert Mënschen, Prisonéier ... Hir Projeten a Concerten errechen esou eng 16.500 Leit.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Fondation EME
Quell: Konterbont 04/21.

3. Liest den Artikel a sicht eng Iwwerschrëft fir all Abschnitt.

1. _____

All Joer bitt d’Fondatioun EME **ënnerschiddlech** Aktivitéite fir Mënsche mat enger Behënnerung un: ob kllassesch, Jazz-, Pop- a World-Concerten, Klanginstallatiounen ewéi Soundcolors oder Manta, Djembés-Ateliere wéi zum **Beispill** am Centre pour le développement intellectuel zu Bieles, Gesangsatelieren oder nach **Operen**, genee ewéi *Birdwatching* oder *This is my Bed* vun der *English Touring Opera*, déi **speziell** ob Bedierfnesser vu Mënsche mat enger Behënnerung aginn, stiechen hei ervir.

2. _____

Ob Concert oder Workshop, bei engem EME-Projet steet ëmmer d’Freed un der **Musek** am Vierdergrond, esouwéi de Wëllen, jiddwerengem en **Accès** zur Kultur ze ginn.

Jiddwereen ass musikalesch an huet d’Kompetenzen, fir Musek ze maachen a Musek ze héieren.

Wa Museker vun der Fondatioun zum Beispill e **Concert** am Centre pour le développement spillen, gëtt et roueg, **esoubal** d’Musek ugeet. D’Kanner lauschtere gespaant no a froen ëmmer no enger Zugab.

3. _____

Bei de Malkonzerte, déi d’Fondatioun EME virun e puer Joer hat, huet eng **Grupp** d’Fondatioun immens gepräägt. Dorënner war e **Jong**, dee ganz fasziniert vum Cello war. Beim Heemgoen huet hien du jiddwerengem Äddi gesot. Dëst schéngt e banaalt **Erliefnes** ze sinn, mee de Jong hat bis zu deem Moment nach mat **kengem** geschwat. D’Musek huet also d’Kraaft, Mënsche mateneen ze verbannen an hinnen och nei Kommunikatiounsméiglechkeeten ze ginn, **erzielt** eis d’Sarah Bergdoll vun der Fondatioun EME.

4. _____

Eemol d’Joer hëlt d’Fondatioun EME dann och d’Philharmonie an, déi da ganz ënner dem **Motto** „Handicap“ steet. Heifir luet d’**Fondatioun** d’*English Touring Opera* an, déi vu London aus ëmmer eng ganz **flott** Erfahrung mat am Gepäck huet. Si bitt all Joer eng nei Oper un, déi vu jonken Erwuessene mat **Autismus** geschriwwe gëtt a multisensoriell a faszinant ass. Wärend enger Stonn ka jiddweree sech mat an de Bann vun dëse **magesche** Geschichten zéie loossen a matsangen, Saachen upaken, mol mat **Waasser** besprëtzt ginn oder och selwer als Acteur ob der Bün stoen. Am Joer 2022 huet d’Fondatioun dann och eng Lëtzebuerger **Produktioun** vum Martine Wallenborn a Georges Urwald agelueden. Vum 29. Juni **bis** den 1. Juli 2022 heescht et dann am Espace Découverte: Fluppdifupps.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.
Text: Fondation EME
Quell: Konterbont 04/21.

5. _____

Ganz nei an der Fondatioun EME ass och d’Klanginstallatioun Soundcolors. Op 5 verschiddene Statioune kënnen Leit mat an ouni Behënnerung Musek maachen an zesummen e Lidd komponéieren. Aus engem Spillfeld mat Kaarte gëtt op eemol e Beat, wann ee mam Rollstull um Teppich hin an hier fiert, erkléngen Akkorden, d’Melodie kënnt vu 5 Bullen, déi ee ka beweegen a wann een eng Kuerbel beweegt oder sech virun e Spigel stellt, kann ee verschidden Téin bäifügen an esou d’Lidd beaflossen. Dës Installatioun gouf vun de kreative Käpp vu Mad Trix extra fir d’Fondatioun EME gebaut a stoung am Joer 2021 während e puer Wochen an der Abtei Neimënster an an der Philharmonie. Sait dem Summer geet dës Installatioun op Reesen a ka vun allen Institutiounen, Dagesfoyeren oder Wunnstrukture fir eng gewëssen Zäit ausgestellt ginn.

6. _____

All EME-Projet oder Concert fir Mënsche mat enger Behënnerung ass op seng eegen Aart a Weis magesch. D’Musek bréngt e Fonkelen an d’Aen a wa se bis erkléngt, ass just si ze héieren a Suerge gi fir e gewëssene Moment vergiess. Musek bréngt Dignitéit mat sech a Mënschen zesummen. D’Fondatioun EME esouwéi hir Museker sti mat ganzem Härzen hanner dëser Missioun.

D’Fondatioun EME ass net staatlech subventionéiert, mee finanziert sech duerch privat Donen a Spenden.

Copyright: Autisme Luxembourg a.s.b.l.

Text: Fondation EME

Quell: Konterbont 04/21.

4. Liest den Artikel nach eng Kéier am Detail a resuméiert d’Haaptinformatiounen aus deene sechs Abschnitter an engem bis zwee Sätz. Schafft zu zwee an zwee a vergläicht Är Sätz duerno mat anere Leit aus der Klass.

1. _____

2. _____

3. _____

4. _____

5. _____

6. _____

grënnen	
ausschléissen	
Behënnerung (f)	
erreechen	
Bedierfnis (n)	
ervirstiechen	
gespaant	
Zugab (f)	
prägen	
schéngen	
Erliefnes (n)	
anhuelen	
an de Bann zéie loossen	
Kuerbel (f)	
Toun (m)	
bäifügen	
beaflossen	
Fonkelen (n)	
erkléngen	

3. Liest den Artikel a sicht eng Iwwerschrëft fir all Abschnitt.

Zum Beispill:

1. Aktivitéite fir Leit mat enger Behënnerung
2. Musek ass fir jiddereen
3. Musek als Kommunikatiounsméiglechkeet
4. Kooperatioun mat der Philharmonie
5. D’Klanginstallatioun Soundcolors
6. D’Magie vun den EME-Projeten

4. Liest den Artikel nach eng Kéier am Detail a resuméiert d’Haaptinformatiounen aus deene sechs Abschnitter an engem bis zwee Sätz. Schafft zu zwee an zwee a vergläicht Är Sätz duerno mat anere Leit aus der Klass.

Zum Beispill:

1. D’Fondatioun EME bitt ënnerschiddlech Aktivitéite ronderëm d’Musek speziell fir Leit mat enger Behënnerung un.
2. Et geet der Fondatioun EME drëm, jidderengem en Accès zur Musek an zur Kultur ze ginn. Jidderee ka Musek maachen a Musek lauschten.
3. D’Musek ka Leit, déi Kommunikatiounsschwieregkeeten hunn, hëllefen.
4. An der Philharmonie gëtt all Joer eng nei Oper opgefëiert, déi vu Leit mat Autismus geschriwwen gëtt. D’Opféierung ass interaktiv a multisensoriell.
5. D’Klanginstallatioun Soundcolors besteet aus fënnf Statiounen, wou een op ganz ënnerschiddlech Aart a Weis Musek maache kann. Dës Installatioun ass mobil a gëtt ëmmer fir eng gewëssen Zäit op verschiddene Plazen ausgestellt.
6. Musek huet e positiven Impakt; si léisst Suerge vergiessen, bréngt Dignitéit mat sech a bréngt Mënschen zesummen.

Presentatioun vun engem Lëtzebuerger Lidd

Uweisung fir d'Léierpersoun:

D'Léierpersoun presentéiert d'Lidd vum Théiwesbuer mathëllef vun deem preparéierten Text an hirer Klass. Dës Presentatioun déngt den Apprenanten als Modell.

Mat menger kuerzer Presentatioun géif ech Iech gär d'Lidd vum Théiwesbuer virstellen.

Den Text vum Lidd ass vum Fritz Weimerskirch, dee vun 1895 bis 1971 gelieft huet. Vu wéini et ass, hunn ech net erausfonnt. Mee duerch de Kontext an d'Liewensdate vum Auteur kënnen mer et ongeféier datéieren.

De Komponist gëtt néierens genannt, mee d'Melodie gëtt als „traditionell“ uginnt, et handelt sech ëm eng Walz.

D'Lidd kann een ënner anerem op der CD *Lëtzebuerger Lidder – Nei arrangéiert a komponéiert* fannen. Do gouf et nei arrangéiert vum Ivan Boumans.

Et gëtt verschidde Versiounen vum Lidd, woubäi den Text liicht variéiert, mee d'Ausso u sech awer déi selwecht bleift. [Théiwesbuer op Youtube sichen]

Mir lauschteren d'Lidd vun der CD elo zesammen an duerno ginn ech nach weider Informatiounen dozou. [d'Lidd virspillen an den Text dozou ausdeelen]

Wéi Dir héieren hutt a gesitt, besteet d'Lidd aus véier Strophen an engem Refrain.

An der éischter Stroph gëtt erzielt, wat de Kontext ass. Et geet ëm d'Awunner aus der Sichegaass am Pafendall, déi aus hiren Haiser musse plënnere, well d'Regierung dës Haiser kaaft huet, fir de Quartier ze sanéieren.

Déi dräi nächst Strophen erzielen, wat verschidden Awunnerinnen zur Situatioun soen a wéi ënnerschiddlech si op d'Situatioun reagéieren. Déi eng wëll sech wieren, déi aner huet Angscht, nach eng aner sicht no enger Léisung. Si ginn och beim Numm genannt (d'Stole Broscht, d'Siss, d'Kätt).

Ech kommen elo méi am Detail zum Kontext vum Lidd.

Den Text vum Lidd weist dorop hin, datt et zu där Zäit Problemer an der Sichegaass gouf.

Fréier huet d'Sichegaass „Rue des Tisserands“ geheescht. Aus dem Numm geet ervir, datt fréier do Wiewer gelieft hunn.

Zënter 1925 heescht se awer offiziell Rue Saint-Mathieu, nom Schutzpatréiner vun der Kierch niewendrun. Um Enn vum 19. Joerhonnert hunn haaptsächlech Lompekréimer, Kesselflécker an aner méi „rau“ Gesellen do gewunnt. Dowéinst huet ënner anerem de Komponist Laurent Menager 1895 mat anere Pafendaller e „Wohnungscomité“ gegrënnt, dee sech ënner anerem ëm déi „insalubre“ Stroossen am Dällche sollt këmmere.

Tëschent 1897 an 1920 sinn d'Haiser vun der Sichegaass no an no vum Staat opkaf ginn. An den 1920er-Jore sinn d'Haiser aus hygieenesche Grënn ofgerappt ginn, d'Leit hu misse plënnere an deelweis esouguer a Rulotte liewen. [Foto weisen, z. B. aus der Brochure *Au fil de l'eau*. Ons Stad 121, 2020]

Fir géint d'Sanéierungspolitik vun der Stad ze protestéieren, huet de Fritz Weimerskirch dëst Lidd geschriwwen.

D'Lidd ass och ënnert dem Titel „D'Madammen aus der Sichegaass“ bekannt.

Den Théiwesbuer, no deem d'Lidd genannt ass, ass en ale Buer niewent der Kierch Saint Mathieu (dofir den Numm „Théiwes“) am Pafendall an der haiteger Rue Saint-Mathieu. Fréier hunn d'Leit d'Waasser aus dem Buer als Dréinkwaasser, mee och fir d'Wäsch ze maache benotzt. De Wäschbuer an den Théiwesbuer sinn nach haut ze gesinn. [Foto weisen]

D'Liewen an der Sichegaass huet awer och aner Kënschtler fasziniert, esou fanne mir d'Sichegaass direkt an e puer Lidder erëm: „De Breedewee an d'Sichegaass“ vum Fritz Weimerskirch, „D'Sichegaasser“ vum Léo Berchem (Musek: Bernard May), „De Lompekréimer“ vum Léo Berchem (vum Mich. May vertount) etc.

Et gëtt och eng modern Versioun vum Refrain vum Lidd, an zwar heescht et do:

„Kanner, o Kanner, o quel bonheur,

Mir hunn elo en Ascenseur!“

Dat bezitt sech op de Pafendaller Lift, deem zënter 2016 d'Uewerstad mam Pafendall verbënnt. [Foto weisen, z. B. aus der Brochure Au fil de l'eau. Ons Stad 121, 2020, S. 40]

Domat ass meng Presentatioun iwwert dëst lëtzebuergesch Lidd a säi Kontext fäerdeg. Merci fir d'Nolauschteren. Merci fir Är Opmierksamkeet.

Hutt Dir nach Froen?

- 1. Sicht Iech e Lëtzebuergeschen Lidd eraus. Preparéiert eng Presentatioun vun deem Lidd, an där Dir op säin Text an op säin historeschen a gesellschaftleche Kontext agitt. Sot och, firwat Dir grad dat Lidd erausgesicht hutt an illustréiert d'Informatiounen aus Ärer Presentatioun mat audiovisuelle Supporten. Orientéiert Iech un der Presentatioun vum Lidd vum Théiwesbuer.*



Literatur Lëtzebuergescher Lidder
Sprooch Musek op Lëtzebuergesch

En UNESCO-Patrimoine



LV UNESCO

1. Kuckt d'UNESCO-Lëscht vun de kulturellen an natierleche Patrimoinë vu Lëtzebuerg.



Weltdokumentierwen: Family of Man
 Weltierwen: D'Stad Lëtzebuerg mat hirer Festung
 Immateriell Kulturierwen: D'Sprangpressessioun
 De Mënsch an d'Biosphär: Minett
 Geoparken: Natur- a Geopark Mëllerdall

Hei fannt Dir méi Informatiounen iwwert dës Patrimoine:
<https://unesco.public.lu/fr/patrimoines.html>

2. Schreift eng Presentatioun iwwert ee vun de Patrimoinë vu Lëtzebuerg oder iwwert en UNESCO-Patrimoine oder Projet aus engem anere Land. Schreift en Text vu 400 – 500 Wierder.

Titel Wielt e passenden Titel.	
Gitt e puer generell Informatiounen zu deem Patrimoine, deem Dir Iech erausgesicht hutt a sot, firwat Dir Iech grad dee Patrimoine erausgesicht hutt.	De Patrimoine, iwwer deem ech schreiwen, gehéiert zur Rubrick / Kategorie ... Et fënnt een en ... [Land/Géigend/Stad ...] En huet meng Opmierksamkeet kritt, well ... Ech wëll meng Gedanken dozou matdeelen, well ...
Gitt am Detail op de Patrimoine an a beschreift en.	De Patrimoine ... ass (Datum) op d'Lëscht komm. Dëse Patrimoine besteet aus ... Zu deem Patrimoine gehéiert ...
Schreift, firwat en op der Lëscht vun der UNESCO steet.	Seng Wichtigkeet besteet doran, dass ... Wat ... esou eenzegaarteg mécht, dass ... Et ass derwäert, dës Patrimoine ze schützen, well ...
Gitt Är perséinlech Appreciatioun a Meenung zu deem Patrimoine.	Ech fannen dës Patrimoine interessant, well ... Wat mir perséinlech speziell gefält, dass ... Zesummeffaassend kann ee soen, dass ... Ofschléissend wëll ech bemierken, dass ...


Lëtzebuenger Lidder



MA Presentatioun vun engem Lëtzebuenger Lidd

D'Lidd vum Théiwesbuer

Op der CD *Lëtzebuenger Lidder – Nei arrangéiert a komponéiert* fënnt een 20 „Lidder vu fréier a vun haut, traditionell an zäitgeméiss arrangéiert a komponéiert fir Chouer“. Dës Lidder „bidden zesumme mam CD een interessanten Abléck an de Räichtum vun der Lëtzebuenger Chouerliteratur“ (zitéiert aus dem Booklet vun der CD).



Lëtzebuenger Lidder
Nei arrangéiert a komponéiert

1. D'Lidd vum Théiwesbuer	5:16	11. D'Lëtzebuenger Spezialitéiten	4:50
2. Aus de Bierger duerch den Dall	3:40	12. De Champion an der Box	4:15
3. De Rousestäckelchen	3:18	13. De Jangli fiert den Houwald erop	2:38
4. D'Margréitchen	2:22	14. Wann den Hendi net méi schellt	6:03
5. Mäin Éislek	2:53	15. Wanterdag	3:22
6. Zu Arel op der Knippchen	5:20	16. Mierprinzessin	2:20
7. Sangt	2:46	17. Ballad vum wëlle Menn	2:20
8. Swing vum Muselgreechen	5:02	18. Gebiet	4:11
9. Wann ech e Kinnek wier	1:55	19. (Ver)loscht	4:12
10. Wéi meng Mamm nach huet gesponnen	3:46	20. Klasseklon	6:27

Partitions en vente sur www.musicpublishers.lu

Produit par Réalisé avec le soutien de

Enregistrement et mixage : Paul Hoffmann / Textes : Caroline Reuter et Ursula Anders-Molveti / Mise en page : Cliflu DA17/009

4 2079646673

©INECC

1. *Är Léierpersoun presentéiert Iech elo dat éischt Lidd vun der CD, D'Lidd vum Théiwesbuer. Lauschtert d'Presentatioun an notéiert Stéchwierder zu deene verschiddene Punkten am Tablo.*

1. D'Lidd vum Théiwesbuer

Musek: Traditionnel; Text: Fritz Weimerskirch; Arr.: Ivan Boumans

1. D'Madamen aus der Sichegaass,
déi souze vrun der Dier.
Haut gouf et iescht, verbäi de Spaass,
si roden hin an hir.
D'Regéirong hat en Här geschéckt,
ze kafen Haus fir Haus,
an 't wor deem och, wéi 't schéngt gegléckt,
si mussen all eraus.

2. An d'Stole Broscht stoung op
a klappt an d'Hänn, gebitt schéi Rou.
Ons Sichegaass géif ofgerappt,
dat loosse mir net zou.
Ah nee, do hale mir net stall,
't geet ons ewell déck duer!
Wann ee sech weist am Pafendall,
da fléit en an de Buer.

3. Wa mir och ee nach Meeschter gin,
sot d'Siss, mir sinn am tort.
Ech fierchte mech mäin Doud,
et sin ons Häre net d'accord.
Ech roden iech ze plënneren,
an d'Lougaass trotz dem Knascht,
a soll e Mippchen hënneren,
hu mir och gudde Kascht.

4. Je-je, sot d'Kätt, hieft dach Verstand,
mir street kee Sand an d'An.
Och d'Lougaass hält net laang méi stand.
Wéssst dir da wat mer man:
Op d'Käerche baue mir en Daach,
eng Roulotte huet säi Charme.
Déi stelle mir e schéinen Dag,
Flang matzen op d'Plëssdaarm!

Refrain: Kanner, o Kanner, o quel malheur,
mir mussen aus der rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer!
Kanner, o Kanner, o quel malheur,
mir mussen aus der rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer!

© INECC

Remark: Text original aus dem Booklet
vun der CD

Generell Informatiounen zum Lidd (Titel, Auteur, Komponist, Joer ...)	
D'Struktur an de graffen Inhalt vum Lidd	
Den historeschen a gesellschaftleche Kontext vum Lidd	

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Den Text vun der Presentatioun steet am Deel Mëndlechen Ausdrock vun dësem Dossier.

2. Liest d'Titele vun dräi anere Lidder vun der CD. Ëm wat geet et an de Lidder? Maacht Hypotheesen. Deelt Är Iddie mat der Klass.

- D'Lëtzebuenger Spezialitéiten
- De Jangli fiert den Houwald erop
- D'Mierprinzessin

Am Lidd mam Titel ... kéint et sech ëm ... handeln.

Den Titel ... weist drop hin, datt ...

Aus dem Titel kéint ee schléissen, datt ...

Hannert deem Titel verstoppt sech menger Meenung no ...

3. Lauschtert déi dräi Lidder a liest d'Texter mat.



11. D'Lëtzebuenger Spezialitéiten

Musek: René de Buxeuil; Text: Auguste Donnen; Arr.: Jean-Paul Majerus

1. Donner Knippchen ech komm' grad vun enger
prachtvoller Freess,
do goufn't déi schéinste Saachen sou an
engem Seess.
Ech hu gejickt, ech hu gebafft, ech hu gefruppst
mat Genoss,
keen eenz'ge vun de Plaen erlaanscht gelooss.
Wou rëm et sech gedréint,
d'Lëtzebuenger Spezialitéit

2. Fréier bei de Ritter, op all Bueg an op
jidder Schlass,
do goufen et schéi Fester, 't wor nach eppes lass.
Siv' nanzwanzeg Plae vun deem beschte Fleesch,
Poulet, Fësch,
fir d'Ritter an hir Fraen stongen do um Dësch.
An hat'n se d'Bäich puppsat,
da gouf och nees wupp derbäi gemat.

3. Hautdësdaags sinn d'Leit erëm vun all deem
ville Gefréiss.
Keng Grompren a keng Zosen, nuren Uebst, Geméis.
De Blinddarm an de Bluttdrock hautdësdaags si
blous méi a Moud,
den Dokter seet iech dann een Zock: Du bass bal
schon dout!
Do gëtt et blous ee Reméid: d'Lëtzebuenger Spezialitéit!

Refrain: Maja 't gouf Baurenträipen
't gouf Liewerkniddle,
Kuddelfleck an och Gehäcks.
Duerno fir de Mo ze stäipen
en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf ze fräcks.
Duerno gouf't Gaardebounen,
Judd, Quetschentaart,
gekachte Kéis a Bouneschlupp.
Souguer gouf et Melounen,
echt Kaffisbounen
an een Zoossisswupp.

© INECC

Remark: Text original aus dem
Booklet vun der CD

13. De Jangli fiert den Houwald erop

Musek: Traditionnel; Text: Fernand Wark; Arr.: Georges Urwald

1. De Jangli fiert den Houwald 'rop
o wär e gutt do uewen op der Hesper Kopp.
D'Maschinn wackelt iwwer d'Schinnen dohin,
vu lauter Damp kënt dir net méi ganz vill gesinn.

2. De Scheierbiereg erof, do geet e méi schnell,
do héiert een d'Gebimmel nëmme vun der Schell.
Zu Réimech op der Gare, hält en een Abléck,
do gëtt en emgedréit a flott geet et nees zrëck!
Hei kënt hien!

3. Säi Frënd de Charly ass e Geck,
e fiert duerch d'Avenue erof iwwer d'Nei Bréck.
Laanscht d'Charly's Gare an de Rollingergronn,
do brauch en ongefëier annerhallef Stonn.

4. Zu lechternach, do kënt en un,
d'Sprangprozeessioun, déi wor ower e Mount virdrun,
mee d'Voyageuren déi sinn apaart,
da gëtt eben op déi vum nächste Joer gewaart!
Hei kënt hien!

5. Am Kongo freet sech haut all Af,
well mir hunn onsen Zichelchen dohi verkaf.
All Mënsch hei ass geschwënn gutt drun,
wa si emol de Jängelchen dohannen hunn.

6. Duerfir hale mir op d'Eisebunn,
wou dir och hi wëllt fueren,
dir kommt ëmmer un.
Oft mat Verspéidung mä 't ass egal.
Duerchernee gerëselt, ower dir kritt d'Féiss net kall!

© INECC

Remark: Text original aus dem Booklet vun der CD

16. Mierprinzessin

Musek/Arr.: Georges Urwald; Text: Franz Binsfeld

Melu, Melusin,
Melu, Melusin,

1. Meng Mierprinzessin, Waasserblumm,
hei rífft de Sigfridd, sou däin Numm.
Mäin Numm ass Joffer Melusin,
um Waasser danzen ech dohin.

Refrain: Nu loos mer lëschtég, lëschtég sinn,
wéi d'Mierprinzessin Melusin,
nu loos mer lëschtég, lëschtég sinn,
wéi d'Mierprinzessin Melusin.

2. Ei Mierprinzessin Melusin,
ei wëlls du net meng Gräfin ginn?
Deng Gräfin wëll ech gier jo sinn,
dach muss du samschdes fräi mier ginn.

Refrain: ...

3. An d'Melusin gong mat op d'Buerg,
do gouf si d'Rous vu Lëtzebuerg.
All Samschdes plätscht si déif am Tuer
a wor e Fësch am Waasserbuer.

Refrain: ...

4. De Sigfridd gong sou lues duerch d'Buerg,
zum Schlëssellach luusst hien erduerch.
A fort muss d'Blimmche Melusin,
gëtt an der Buerg fir d'lescht gesinn.
Do muss een traureg, traureg sinn,
wéi d'Mierprinzessin Melusin,
do muss een traureg, traureg sinn,
wéi d'Mierprinzessin Melusin.

© INECC

Remark: Text original aus dem Booklet vun der CD

4. *Deelt Iech an dräi Gruppen op. All Grupp liest ee Liddertext. Wat gëtt an dësem Lidd thematiséiert? Wat fir kulturell oder histoersch Elementer sinn an dësem Text interessant? Deelt Är Iddie mat der Klass.*

Am Lidd ... geet et ëm ...

Am Lidd gëtt ... presentéiert

Et geet rieds vun ...

Am Liddertext ginn och ... ernimmt.

Ausserdeem ginn ... opgezielt.

D'Lidd mécht eng Referenz op ...

De Liddertext handelt am Detail vun ...

Dat ass interessant, well ...

Musek op Lëtzebuergesch

Als Museker seng Texter op Lëtzebuergesch ze schreiwen, ass zu Lëtzebuerg keng Selbstverständlechkeet. Hei drënner beäntwere fënnf Musekerinnen a Museker e puer Froen zum Gebrauch vun de Sproochen an hiren Texter.

1. Lauschtert fir d'éischt, wat de Misch Guillaume vun den Dëppegeisser zum Thema Musek op Lëtzebuergesch ze soen huet. Am éischten Deel erzielt hien iwwert säin Ëmgang mat Sprooch a Musek vun Ufank u bis haut. Notéiert e puer Informatiounen zu all Etapp a vergläicht duerno zu zwee oder a kleng Gruppen.



Mat 11 – 12 Joer
Mat 14 – 15 Joer
2001
2004
Am Moment
An der Zukunft

2. Lauschtert elo den zweeten Deel. Hei schwätzt hien iwwert d'Virdeeler, d'Nodeeler an d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift. Notéiert d'Haaptinformatiounen a vergläicht duerno zu zwee oder a kleng Gruppen.



Virdeeler
Nodeeler
Schwieregkeeten

3. Sicht am Internet nach weider Informatiounen
iwwert d'Dëppegëisser.



© Dëppegëisser

4. Déi aner véier Musekerinnen a Museker hunn hir Äntwerten zum Thema Musek op Lëtzebuergesch schrëftlech verfaasst. Deelt d'Klass a véier Gruppen. All Grupp liest een Interview, sicht nach weider Informatiounen a presentéiert dee Museker / déi Musekerin / déi Museksgrupp duerno an der Klass.

Grupp A

1. Liest den Interview a sicht duerno nach weider Informatiounen iwwert d'Persoun / iwwert d'Museksgrupp um Internet.

Claudine Muno

1. Dir schreift Musekstexter op Lëtzebuergesch. War dat nach ëmmer sou? Wann net, wéini a firwat huet dat changéiert?

Am Fong hunn ech ëmmer Texter op Englesch geschriwwen. Dat éischt Lidd op Lëtzebuergesch, dat ech geschriwwen hunn, war *Alaska* fir den Album *Monsters* vun de *Luna Boots*, deen 2005 erauskoum. Well ech ëmmer gär d'Musek vum Stephan Eicher gelauschtert hunn an hien a sengen Albe vill Sproocher vermëscht (Englesch, Franséisch, Däitsch, Italieenesch a Schwäizerdäitsch), wollt ech dat och probéieren an hunn ugefaangen, Franséisch a Lëtzebuergesch mat bäizehuelen.

2. Schreift Dir och an anere Sproochen? Wéi decidéiert Dir, wat fir eng Sprooch Dir benotzt?

Ech schreiwe meng Liddertexter virun allem op Englesch, well ech haaptsächlech engleschsproocheg Musek lauschteren a well dat eng Sprooch ass, déi ech ganz gär schreiwen. Well ech dat Lëtzebuergesch scho fir meng literaresch Texter benotzen, sinn ech beim Schreiwe vun de Lidder heiansdo frou iwwert e bëssen Ofwiesslung. Reegelméisseg kënn awer och e Lidd op Lëtzebuergesch derbäi. Meeschtens fällt mir en Titel oder eng éischt Zeil an, vun do aus schreiwen ech dann den Text an dat hänkt eeben dovunner of, ob déi Zeil éischer op Lëtzebuergesch kënn oder op Englesch.

3. Wat sinn d'Virdeeler, d'Nodeeler, d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift?

De Virdeel ass fir mech, dass dat Lëtzebuergesch méi Spillraum léisst, fir eppes Neies ze schafen, well et eebe manner Popmusik op Lëtzebuergesch gëtt. Am Engleschen ass et méi schwéier, seng „eeg“ Stëmm ze fannen, besonnesch wann een am Alldag keen Englesch schwätzt an een d'Sprooch haaptsächlech duerch Texter vun anere begéint. Dann ass een ni sécher, wéini dass ee léine geet a wéini ee wierklech seng eegen Ausdrucksweis benotzt. Am Lëtzebuergesch ass dat anescht: Do ass d'Sprooch éischer e Reflet vun der Manéier, wéi een an der Famill oder am Frëndeskrees schwätzt. U sech fannen ech dat sproochlech méi spannend.

D'Schwieregkeet läit fir mech virun allem an der Manéier, wéi een d'Sprooch mat der Stëmm un d'Klénge kritt. Dacks sinn ech onzefridde mat den Opname vun de Lëtzebuurger Lidder, well d'Stëmm an all Sprooch anescht kléngt, an am Engleschen ass e klengen Verfremdungseffekt derbäi, deen hëlleft an dee beim Lëtzebuergesche feelt. Do ass et dann e bëssen, wéi wann ee seng eeg Stëmm um Repondeur héiert an et muss ee sech nach eemol ganz nei dorunner gewinnen.

2. Preparéiert eng kleng Presentatioun vun där Persoun / där Museksgrupp. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng:

Mir hunn den Interview mam ... gelies.

Si schreift hir Musekstexter normalerweis op ..., well ...

Heiansdo benotzt si och aner Sproochen, nämlech ...

E wichtege Virdeel vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Musek ass fir si ...

En Nodeel dogéint ass ...

D'Schwieregkeet fir si läit virun allem an ...

Mir hunn ... Lidder gelauschert.

D'Musek fanne mir ...

D'Texter sinn ...

Am beschten huet eis ... gefall, well ...

Wann Dir méi iwwert dës Musekerin wësse wëllt, kuckt zum Beispill hei: ...



© Loïc Warin (Fotograf)

Grupp B

1. Liest den Interview a sicht duerno nach weider Informatiounen iwwert d'Persoun / iwwert d'Museksgrupp um Internet.

Nicool

1. Dir schreift Musekstexter op Lëtzebuergesch. War dat nach ëmmer sou? Wann net, wéini a firwat huet dat changéiert?

Ech hunn ugefaangen, Texter op Englesch an Däitsch ze schreiwen, well ech déi Sproochen dee Moment méi ‚cool‘ fonnt hunn a Poetryslam geschriwwen hunn. Wéi ech du mam Rap ugefaang hunn, hunn ech meng Gedanken an Texter verwandelt, a vu dass ech op Lëtzebuergesch denken, war dat dunn de Choix. Ech wëll a mengen Texter ouni Filter schreiwen, vun der Long op d'Zong, an dat geet am beschten op Lëtzebuergesch, ouni de Biais vun enger Iwwersetzung.

2. Schreift Dir och an anere Sproochen? Wéi decidéiert Dir, wat fir eng Sprooch Dir benotzt?

Nee, just op Lëtzebuergesch. Ech fannen dat och flott, just an enger Sprooch ze schreiwen, fir ëmmer besser ze ginn an eng Expertise am Spille mat der Sprooch ze entwéckelen.

3. Wat sinn d'Virdeeler, d'Nodeeler, d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift?

Virdeeler sinn, fannen ech, dass et authentesch ass, d'Kultur vu Lëtzebuerg weiderbréngt, d'Schéinheet an d'Vilfältigkeet vun eiser Sprooch weist a meng Originne weist. Den eenzegen Nodeel ass, dass et net ëmmer all Wuert gëtt, respektiv déi lëtzebuergesch Versioun zimmlech al kléngt, een also en Anglizismus oder e franséisch Wuert amplaz benotzt, wéi „akzeptéieren“ zum Beispill. Mee ech fannen, dat ass net wierklech een Nodeel, dat weist, wéi eis Sprooch sech entwéckelt, a weist, wat fir eng räich kulturell Geschicht mir hunn. En aneren Nodeel ass, dass déi Texter et net wäit am Ausland packen, mee wa ganz Lëtzebuerg mech enges Daags feiert, da geet mir dat duer a menger Bescheidenheet. Ech maachen dat Ganzt jo och aus Spaass; et ass en Hobby an net fir dovun ze liewen a grouss am Ausland erauszekommen.

2. *Preparéiert eng kleng Presentatioun vun där Persoun / där Museksgrupp. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng:*

Mir hunn den Interview mam ... gelies.

Si schreift hir Musekstexter normalerweis op ..., well ...

Heiansdo benotzt si och aner Sproochen, nämlech ...

E wichtege Virdeel vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Musek ass fir si ...

En Nodeel dogéint ass ...

D'Schwieregkeet fir si läit virun allem an ...

Mir hunn ... Lidder gelauschtert.

D'Musek fanne mir ...

D'Texter sinn ...

Am beschten huet eis ... gefall, well ...

Wann Dir méi iwwert dës Musekerin wësse wëllt, kuckt zum Beispill hei: ...



© Yannick Schmidt (Fotograf)

Grupp C

1. Liest den Interview a sicht duerno nach weider Informatiounen iwwert d'Persoun / iwwert d'Museksgrupp um Internet.

Jean-Marc „Jojo“ Wagner fir *Schëppe Siwen*

1. Dir schreift Musekstexter op Lëtzebuergesch. War dat nach ëmmer sou? Wann net, wéini a firwat huet dat changéiert?

Meng éischt Texter a Gedichter, déi ech geschriwwen hunn, waren op Lëtzebuergesch. Et huet mech vun Ufank u fasziniert, aus der Lëtzebuurger Sprooch, déi an der Reegel schwéierfällleg kléngt, e melodiöse Rhythmus erauszekréien.

2. Schreift Dir och an anere Sproochen? Wéi decidéiert Dir, wat fir eng Sprooch Dir benotzt?

Ech hu bis elo just ee Lidd op Englesch geschriwwen, an zwar fir d'Äishockey-Weltmeeschterschaft vun der drëtter Divisioun, déi 2014 zu Lëtzebuerg stattfännt huet. Dëst aus deem einfache Grond, well mer international Gäscht hei zu Lëtzebuerg zu Besuch haten, an als Zeeche vu Respekt hu mir (als Grupp) decidéiert, den Text an enger Sprooch ze schreiwen, déi all Mënsch versteet, nämlech Englesch. Fir de Rescht bleiwen ech am léifste bei der lëtzebuergescher Sprooch, well dat meng éischt Sprooch ass an ech mech hei am beschten ausdrécke kann. Ech fille mech am wuelsten, fir heiran Texter ze schreiwen an ze singen. Déi Wuertspillereien an Duebeldeitegkeete kréien ech och néierens esou gutt op de Pabeier bruecht wéi am Lëtzebuergesch. Doriwwer eraus fällt et mir och relativ liicht, am Lëtzebuergesch déi franséisch, däitsch oder englesch Wieder mat anzubauen a se just ze „verlëtzebuergesch“. Ech sinn do kee Purist, dee just drop hält, esou ze schwätzen, wéi fréier geschwat gouf. Eng Sprooch ass eppes Lieweges a soll och duerch aner Sprooche beaflossbar kënnen sinn. Esoulaang et fir mech net „opgesat“ kléngt, soll ee sou schwätze kënnen, wéi een dat fir richtig empfënnt.

3. Wat sinn d'Virdeeler, d'Nodeeler, d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift?

Vill Leit si fälschlecherweis der Meenung, dass Lëtzebuergesch e beschränkte Wuertschatz huet. Ech gesinn dat anescht. Fir mech ass Lëtzebuergesch déi räichst Sprooch, virausgesat dass een aner Sprooche beherrscht. Et kann een nämlech, menger Meenung no, ganz vill Wieder an aner Sprooche léine goen a se an d'Lëtzebuergesch integréieren. Bei anere Sprooche fällt dat vill méi schwéier a kléngt oft artifiziell. Beim Lëtzebuergesche schéngt mir dat méi natierlech ze funktionéieren, vläicht well de Gros vun de Lëtzebuurger méi wéi eng Sprooch schwätzt an dese Code-Mixing besser versteet an och selwer oft (onbewusst?) praktizéiert.

Een Nodeel vun der lëtzebuergescher Sprooch ass, dass wann ee se net korrekt asetzt, se zimmlech haart a schwéierfällleg kléngt. Dëst kann awer och eng Konschtform sinn, wann ee weess, d'Kläng geziilt ze manipuléieren. Eng Erausforderung am Lëtzebuergesch ass

et, de Wuertlaut mat der Iddi an enger bestëmmter Melodie, déi eng gewësse Stëmmung ervirriift, ze kombinéieren. D'Wuertkläng vum Lëtzebuergesche schénge mir manner familiär an der Popmusek ze sinn, well een déi meescht Popligger op Englesch, eventuell nach op Spuenesch, Franséisch oder Däitsch héiert. Mä dëst ass alles eng Saach vun der Gewunnecht. Wa bis méi lëtzebuergesch Musek um Radio gespillt gëtt, da gëtt d'Verbindung tëscht der (Radio)Musek an der Lëtzebuenger Sprooch och méi familiär.

En Nodeel (deen awer och als Virdeel ugesi ka ginn) betrëfft d'Concertsufroen aus dem Ausland. Lëtzebuergesch versteet een net wierklech am Ausland, d. h. wa mir als Band *Schëppe Siwen* am Ausland gebucht ginn, dann éischer als Kuriositéit oder eebe well d'Organisateure wëssen, dass mir richteg gutt Stëmmung bréngen, och iwwert d'Sprooch eraus. Sou kann een dann awer och méi einfach aus der grousser Mass erausstiechen.

2. *Preparéiert eng kleng Presentatioun vun där Persoun / där Museksgrupp. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng:*

Mir hunn den Interview mam ... gelies.

Hie schreift seng Musekstexter normalerweis op ..., well ...

Heiansdo benotzt hien och aner Sproochen, nämlech ...

E wichtege Virdeel vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Musek ass fir hien ...

En Nodeel dogéint ass ...

D'Schwieregkeet fir hie läit virun allem an ...

Mir hunn ... Lidder gelauschtert.

D'Musek fanne mir ...

D'Texter sinn ...

Am beschten huet eis ... gefall, well ...

Wann Dir méi iwwert dës Museksgrupp wësse wëllt, kuckt zum Beispill hei: ...



© Kary Photography / Schëppe Siwen ASBL

Grupp D

1. Liest den Interview a sicht duerno nach weider Informatiounen iwwert d'Persoun / iwwert d'Museksgrupp um Internet.

Joël Baschera (*Spack-O-Mat / Onduge Gesellen*)

1. Dir schreift Musekstexter op Lëtzebuergesch. War dat nach ëmmer sou? Wann net, wéini a firwat huet dat changéiert?

Tëschent 2002 an 2009 hunn ech an enger Rei Rockformatiounen Gittar gespillt an net siele gesongen, well mer als Grupp oft ganz einfach kee fir de Gesang fonnt hunn. Obwuel ech och deemools scho lëtzebuergesch Texter a Gedichter geschriwwen hunn, hat dat keng Plaz an onser Musek. D'Songs waren op Englesch an et waren och ëmmer eng Rei friemsproocheg Coveren dobäi. Déi goufen an der Reegel op rauen an haarde Concerten a Kellere an Cafëe mat schlechten Anlage virgedroen an am Prinzip war et egal, a wéi enger Sprooch ee gebläert huet – et huet ee jo dach net vill verstan.

2009 hu mir als Grupp Frënn *Spack-O-Mat* gegrënnt, mam Zil, eegen Texter musikalesch ëmzesetzen. Déi goufe vun Ufank un an där Sprooch geschriwwen, an där mir ons am beschten ausdrécke konnten – op Lëtzebuergesch. A well mir vill Wäert drop geluecht hunn, datt een ons och live gutt versteet, gouf op akusteschen Instrumenter gespillt. Während dem Concert goufen och d'Texter op engem groussen Ecran iwwerdroen; dofir hate mir e Member, den Adnan, deen d'Texter live matgeblidert a gefilmt huet. D'Leit konnten also während dem Concert d'Texter matliesen. Am Ufank waren dat virun allem witzeg an zum Deel graff Texter, well dat dem Konzept vun der Grupp entsprach huet, awer och well eis d'Selbstsicherheit gefeelt huet, méi Eescht op der Bün auszudrécken. D'Leit hunn all Wuert kënne verstoen an hu staark mat interagéiert. Mat der Selbstsicherheit huet sech den Esprit vun der Grupp iwwer d'Joren da staark verännert; d'Texter goufe méi eescht, zum Deel schwéier an am Prinzip onpassend fir d'Konzept vun deem lëschtege Grupp. Alles war op d'Texter opgebaut an dorop, wéi se vum Public opgefaasst goufen. No zwee Alben 2012 an 2015 gouf d'Grupp 2018 opgeléist an eng nei Grupp gegrënnt, déi dem verännerten Esprit gerecht gëtt: d'*Onduge Gesellen*, déi bis haut bestinn an och nëmmen op Lëtzebuergesch virdroen.

2. Schreift Dir och an anere Sproochen? Wéi decidéiert Dir, wat fir eng Sprooch Dir benotzt?

An deenen zwou erwäante Formatiounen gouf ëmmer just op Lëtzebuergesch gesongen. Et huet een en direkten Drot zum Public an et huet een och als Artist d'Gefill, authentesch wouergeholl ze ginn.

Ob dat ons an anere Sproochen méiglech wier, ass schwéier ze beäntweren – selwer hu mir ons dorun net erugewot. D'Benotze vun der lëtzebuergescher Sprooch däerf dobäi op kee Fall als Ausdrock vun Elitismus verstane ginn oder zur Exklusivitéit vu Leit féieren, déi d'Sprooch net verstinn. Och eng patriotesch Gesënnung ass ons prinzipiell friem a mir wëlte se mat onser Musek net vermëttelen. Dofir passe mir genau op, wéi eng Inhalter mat den Texter vermëttelt ginn. Och an de fréien Deeg mat deels net jugendfräien Texter hu mir ëmmer genau Uecht ginn, wie mir uschwätzen a wéi e Message mir deelen, wa mir an onser eegener Sprooch sangen. Musek soll d'Leit verbannen, net splécken.

3. Wat sinn d'Virdeeler, d'Nodeeler, d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift?

Nodeeler a Virdeeler sinn an dësem Fall zwou Säite vun der selwechter Medail. Wann een eng Sprooch schwätzt, déi net vill Leit verstinn, steet ee ganz séier an noem Kontakt zum Public an et kritt een eng direkt an ongefiltert Äntwert op dat, wat ee vun der Bün aus vermëttelt. Gläichzäiteg ass et immens schwéier, fir sech aus dem Lokalmilieu ze emanzipéieren a sech op méi grouse Büne behaupten ze kënnen. Mat *Spack-O-Mat* an den *Ondugene Gesellen* hate mir oft d'Chance, op grouse Büne viru ville Leit ze spillen, an obwuel mir ons dobäi sécherlech gutt spieren – wat kéint méi Freed maachen? –, ass kengem Member entgaang, dass mir op grouse Concerte liicht den direkten Drot zum Public verléieren, dee mir aleng duerch d'Sprooch hierstellen. Wann een als Grupp dem Text an der Sprooch esou vill Bedeitung zoumiesst, fält op, dass een op enger Theaterbün oft e méi passende Public fënnt wéi op enger Museksbün. Sech do ze etabléieren ass dann awer nach eemol e ganz anert Puer Schong.

Beim Schreiwe kënn een net ëmhin, zouzeginn, datt de Vokabular vun eiser Sprooch am Verglach zu anere Sproochen oft limitéiert ass. Et gëtt een et net gär zou, ma wéi oft falen engem eenzel Wieder op Englesch, Däitsch, Franséisch an heiansdo och op aner Sproochen an, déi genau dat ausdrécke kënnen, wat ee matdeele wëll, mä op Lëtzebuergesch muss doraus e Saz gemaach ginn.

2. Preparéiert eng kleng Presentatioun vun där Persoun / där Museksgrupp. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng:

Mir hunn den Interview mam ... gelies.

Hie schreift seng Musekstexter normalerweis op ..., well ...

Heiansdo benotzt hien och aner Sproochen, nämlech ...

E wichtege Virdeel vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Musek ass fir hien ...

En Nodeel dogéint ass ...

D'Schwieregkeet fir hie läit virun allem an ...

Mir hunn ... Lidder gelauschtert.

D'Musek fanne mir ...

D'Texter sinn ...

Am beschten huet eis ... gefall, well ...

Wann Dir méi iwwert dës Museker / dës Museksgruppe wësse wëllt, kuckt zum Beispill hei: ...



© Privatfoto: Joël Baschera,
www.jbworks.lu

1. Lauschtert fir d'éischt, wat de Misch Guillaume vun den Dëppegéisser zum Theema Musek op Lëtzebuergesch ze soen huet.



Am éischten Deel erzielt hien iwwert säin Ëmgang mat Sprooch a Musek vun Ufank u bis haut. Notéiert e puer Informatiounen zu all Etapp a vergläicht duerno zu zwee oder a kleng Gruppen.

Mat 11 – 12 Joer

Hien huet (zesumme mat sengem Brudder) an engem Männerchouer gesongen. Hie konnt do och schonn déi eng oder aner kleng Stroph schreiwen an dat war säin éischte Kontakt mat Musekstexter op Lëtzebuergesch.

Mat 14 – 15 Joer

Hien huet ugefaangen, Theater ze spillen an an deem Kontext Cabaretsstécker ze schreiwen a Lidder an Texter op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen.

2001

Hien huet seng éischt Rockgrupp (*Ill*) gegrënnt; do goufen d'Texter haaptsächlech op Englesch geschriwwen. Dat war déi „cool“ Sprooch, mee eeben net d'Mammesprooch, an dofir war hien net esou zefridde mat deenen Texter. Och a senger nächster Rockgrupp (*Vintage Gigolos*) war d'Sprooch vun den Texter Englesch.

2004

Hien huet de Projet *Dëppegéisser* zesumme mat sengem Brudder Luc gestart.

Am Moment

Hien huet am Moment „just“ d'Band d'*Dëppegéisser* an hie schreift Cabaret. Déi zwou Saache mécht hie reng op Lëtzebuergesch, well dat seng Mammesprooch ass an dat déi Sprooch ass, déi si (d'*Dëppegéisser*) am beschte beherrschen.

An der Zukunft

Et ass awer net ausgeschloss, dass hie fir eventuell zukünfteg Projeten och nees aner Sproche géif benotzen. „Et dierf een ni ni soen.“

2. *Lauschtert elo den zweeten Deel. Hei schwätzt hien iwwert d'Virdeeler, d'Nodeeler an d'Schwieregkeeten, wann ee Musekstexter op Lëtzebuergesch schreift. Notéiert d'Haaptinformatiounen a vergläicht duerno zu zwee oder a klengen Gruppen.*

Virdeeler

1. Et gëtt net esou vill Bands, déi selwer op Lëtzebuergesch schreiwen. (Et gëtt der e puer méi, déi op Lëtzebuergesch sängen, mee si schreiwen net selwer.) Et ass e rare Produit.
2. Lëtzebuergesch Lidder sinn en excellent Mëttel, fir de Leit, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, d'Sprooch méi no ze bréngen. Et ass eng flott Form vu Kommunikatioun.
3. Et geet och drëm, d'Sprooch ze erhalen. Et ass normal, wann d'Sprooch sech moderniséiert, sech ännert, mee et ass och wichteg, se ze erhalen.

Nodeeler

Musek op Lëtzebuergesch bleift gréisstendeels am Lëtzebuurger Land. Mat lëtzebuergeschen Texter wäert een ni international erauskommen.

Schwieregkeeten

1. Et ass net einfach, grammatesch korrekt ze schreiwen. Si (d'Dëppegéisser) hunn dat net geléiert am Lycée, mee si hu vill bäigeléiert déi lescht Joren.
2. D'Texter musse gutt sinn, well all Lëtzebuurger versteet jo alles. Bei engleschen Texter ass et méi egal, wann den Text net esou gutt ass; do kann ee sängen, wat ee wëll.